


4. Juli 2020 / 37

Wäert Jugendleeder, Jugendleederinnen, Stellvertrieder, wäert Kolleegen,

De COVID huet Welt voll am Grëff, mä mussen alleguerte léieren eis Sécherheetsmoossnamen ze treffen a ze respektéieren. Mat dësen am Hannergrond, gouf säitens dem CGDIS och erlaabt eng Reprise bei de Jugendpompjeeën ze huelen.

An der Note de service unifiée «COVID-19» #13 steet dat d'Formatiounen, d'Übungen an d'Versammlunge vun de Jugendpompjeeën am Respekt mat den aktuell valabele Recommandatioune nees erlaabt sinn. Dofir biede mir Iech awer folgend Reegelen anzehalen:

Allgemeng Richtlinnien All Decisiounen, déi am Kader vun den Aktivitéite vun de Jugendpompjeeë geholl ginn, musse mam jeeweilege Chef CIS ofgeschwat ginn, fir dat et net zu Konflikter mat deenen am CIS bestoende Reegelen a Moossname kënnt a fir dat kee Risiko fir den operationellen Déngscht entsteet.

**Reunioune vun de Responsabele vun de Jugendpompjeeën am CIS**



Et dierfen net méi wéi 20 Leit fir eng Formatioun oder Reunioun an engem Raum beienee kommen. Wann den Ofstand vun 2 Meter net kann agehale gi recommandéiere mir weiderhin de Masque chirurgical/Buff ze droen. Zousätzlech soll fir jiddereen eng zougewise Sëtzplaz virgesi ginn. Well d'Ëmsetzung dovunner kompliziéiert ass, muss de Jugendleeder eng Foto vun der Situatioun maachen, vir esou kënnen am Fall vun enger Covid19 Ustiechung, nozeweise wien wou souz.

**Aktivitéiten an Übunge vun de Jugendpompjeeën**

- Übungen an Aktivitéite sollen alleguer dobaussen stattfannen.
- Et solle maximal 20 Leit un Übungen an Aktivitéiten deelhuelen (Jugendpompjeeën a -leeder/ -helfer)
- Kanner ënner 13 Joer brauchen dobausse keng Mask unzedoen.
- No der Aktivitéit duerf een sech net méi am CIS ophalen.
- Hygiènemoossnamen si strikt anzehalen.
- Elteren dierfen net an de CIS erakomme fir d'Kanner ofzehuelen an och en Transport vun de Kanner fir an d'Übung oder no der Übung heem dierf net mam MTW oder engem anere Won duerchgefouert ginn.

**<u>Summeraktivitéiten</u>**

D'Regierung huet ugekënnegt, dass d'Summeraktivitéite kënne stattfannen. Wann Dir e Camp geplangt hutt, muss dësen no de Mesurë geschéien déi vun der Chamber an engem Gesetz festgehale ginn. Virgesinn ass, dass tëscht dem 15. Juli an dem 15. September Campen a Vakanzenaktivitéiten erlaabt sinn, dëst awer ënnert gewësse Restriktiounen:

• Maximal 50 Kanner
• Maximal 10 Jugendleeder

***Wann dir sou eng Aktivitéit geplangt huet, da setzt Iech w.e.g. mam Département des pompiers volontaires a Verbindung.***

E Merci gëtt a Richtung CGDIS fir hire flotte Geste mat den Masken a dem Buff, déi all Jugendpompjeeë per Post heem geschéckt krut.

Och ass de Buff vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën och verdeelt ginn 😊!

Schützt iech a bleift gesond.

Äert Team aus dem Jugendausschoss!

Hei ass eng flott Aktioun un de CGDIS a JFA vun de Jugendpompjeeë CIS Wäiswampech 😊 😊 Merci fir des flott Idee.






**Kleeder, Polo, Opkliewer fir Helmer, etc.**

Verschidde Leit hunn hir Bestellunge gemaach a d'Saache beim JFA-Ausschoss den 06. Juli 2020 un de RJL verdeelt ginn.

CGDIS-STICKER FIR OP DEN HELM VUN DE JUGENDPOMPJEEËN

Jugendpompjeeën (Verdeelung beim JFA – Grisius Nico) kréien de neie CGDIS Helmsticker fir op hiren Helm ze pechen.







Opkliewer fir nei Generatioun

Gallet MSA






# MATDEELONG VUM DEPARTEMENT DES POMPIERS VOLONTAIRES CGDIS - DPV

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach
→ Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

| | | |
|---|---|---|
| Juli | 18.07 | Wasserbillig |
| August | 08.08 | Bascharage |
| September | 19.09 | Clervaux |
| Oktober | 07.10 | Hesperange |
| November | 07.11 | Bascharage |
| Dezember | 19.12 | Hesperange |

Info gëtt et hei: https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html

## Info a Saachen Pompier de support:

**Définitioun a Erklärung:**

De Pompier de support ass definéiert als Pompjee deen net oder net méi d'Konditiounen erfëllt fir operationelle Pompjee ze sinn, a fir net-operationell Funktiounen kann affektéiert ginn:

> "[...] Les pompiers volontaires qui ne remplissent pas ou plus les conditions d'engagement **peuvent être affectés à des tâches autres que des interventions effectuées par leurs unités**"
>
> *(cf. Art 34 loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile et création d'un Corps grand-ducal d'incendie et de secours)*
>
> "les pompiers, qui ne remplissent pas ou plus les conditions d'adhésion aux catégories des pompiers volontaires stagiaires et opérationnels, et **qui peuvent être affectés à des fonctions non-opérationnelles**"
>
> *(cf. Art 1er (4) Règlement grand-ducal du 15 juin 2018 relatif aux pompiers volontaires du Corps grand-ducal d'incendie et de secours)*

Dat heescht am Kloertext: e Pompier de support huet kee Piipsert an och keen Helm. De Pompier de support fiert net mat op en Asaz, a kann domadder och keng "ongeféierlech" operationell Aarbechten oder Aufgaben ausféieren, wéi zum Beispill den ELW oder Poste Fixe ze bedéngen, Fotoen um Asaz ze maachen oder de Ravitaillement op eng Asazplaz ze féieren.

De Pompier de support behält säi Statut als fräiwëllege Pompjee am CGDIS a kann och vun den Avantagen, déi een an dëser Funktioun am CGDIS huet, profitéieren. De Pompier de support ass keen inaktive Pompjee, mä iwwerhëlt weiderhi wichteg Aufgaben am CIS oder GIS, just eben abseits vum operationellen Alldag.

Leit déi net méi wëllen aktiv am CGDIS matschaffe kënnen sech entweder um Niveau vun der Amicale engagéieren oder wann se d'Konditiounen erfëllen, sech als Veteran affektéiere loossen.

Wichteg Ausso:

***"De Pompier de support ass net deen neien inaktive Pompjee."***

**Aufgaben vum Pompier de support:**

Artikel 3.1.5. Unité jeunes pompiers

Bei de Jugendpompjeeë kënnen d'Pompiers de support eng wichteg Roll spillen beim Encadrement an der Animatioun vun de Jugendpompjeeë an dat an der Fonktioun als Jugendhelfer.

Beim Maintien des Acquis vun der Jugend gëllen déi nämlecht Regelen wéi bei der "Unité Formation".

Dat ganz Reglement fannt dir hei:
[https://112.public.lu/fr/publications/legislation/pompierdesupport.html](https://112.public.lu/fr/publications/legislation/pompierdesupport.html)








**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068